



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 19 AVR. 2021
Réf. QP-34/21

REÇU
Par Aïff Christian - 13:51, 19/04/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg


Objet : Question parlementaire n°3885 « Détenus non-résidents » du 18 mars 2021 de l'honorable
Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire n°3885 « Détenus
non-résidents ».

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON



**Äntwert vun der Madame Ministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro
n°3885 vum 18. März 2021 vum honorabelen Deputéierten Fred KEUP**

**1. A wéienge Länner haten déi verschidden aktuell Gefaangenen hire leschte Wunnsätz? Kann
d'Madamm Minister dozou eng Tabell presentéieren?**

Déi aktuell Gefaangenen haten a folgende Länner hire leschte Wunnsätz:

Stand: 24.03.2021

Stand: 8.04.2020

CPL (Centre pénitentiaire de Luxembourg)

Land	Zuel
Albanien	1
Algerien	4
Däitschland	17
Belsch	16
Benin	1
Wäissrusland	3
Bosnien-Herzegowina	3
Brasilien	3
Bulgarien	2
Kamerun	1
Cap-Vert	3
Südkorea	1
Kroatien	2
Spuenien	3
USA	1
Frankräich	49
Georgien	6
Griicheland	1
Guinea	1
Guinea-Bissau	1
Iran	1
Irak	3
Italien	5
Kosovo	3

CPG (Centre pénitentiaire de Givenich)

Land	Zuel
Lëtzebuerg	62
Belsch	2
Frankräich	2
TOTAL	66



Lettland	1
Liberia	1
Libyen	5
Litauen	9
Lëtzebuerg	262
Mazedonien	1
Marokko	9
Mauretanien	1
Montenegro	3
Niger	1
Nigeria	16
Holland	5
Polen	7
Portugal	10
Republik Moldau	1
Tschechesch Republik	1
Rumänien	36
Serbien	6
Somalia	1
Tunesien	3
TOTAL	510
UNTERSUCHUNGSHAFT	254
LËTZEBUERGESCH RESIDENTEN	109
AUSLÄNNESCH RESIDENTEN	145
VERURTEILT	256
LËTZEBUERGESCH RESIDENTEN	153
AUSLÄNNESCH RESIDENTEN	103



2. Wéi vill Persounen, déi zu Lëtzebuerg verurteelt gi sinn, sëtzen aktuell hir Strof an engem Prisong am Ausland of? Wéi vill Persounen déi am Ausland verurteelt gi sinn, sëtzen aktuell hir Strof an engem Prisong zu Lëtzebuerg of?

- Persounen, déi zu Lëtzebuerg verurteelt gi sinn an hir Strof aktuell an engem Prisong am Ausland ofsëtzen

Zanter 2015 si 24 Persounen, déi zu Lëtzebuerg verurteelt goufen an am Prisong zu Schraasseg waren, an hiert Heemechtsland transferéiert ginn, fir do hir Prisongsstrof ofzesëtzen op Basis vun den Dispositiounen vun der « décision-cadre 2008/909/JAI du 27 novembre 2008 concernant l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux jugements en matière pénale prononçant des peines ou des mesures privatives de liberté aux fins de leur exécution dans l'Union européenne », déi am Gesetz vun 28. Februar 2011 iwwert d'Unerkennung vun Urteeler a kriminalrechtlecher Matière transposéiert gouf.

Déi 24 Persounen sëtzen hier Strof an folgenden Länner of:

2015 : 1 (Frankräich)

2016 : 8 (Groussbritannien/2 ; Däitschland/1 ; Portugal/2 ; Frankräich/3)

2017 : 6 (Frankräich/5 ; Holland/1)

2018 : 3 (Belsch/2 ; Portugal/1)

2019 : 1 (Frankräich)

2020 : 4 (Frankräich/3), 1 (Spuenien/1)

2021 (Stand 15. März 2021) : 1 (Frankräich)

Et ass awer net gewosst, op dës Persounen hier Strof ganz ofgesat hunn oder nach ofsëtzen, vu dass d'Länner, an deenen d'Prisongsstrof exekutéiert gëtt, ganz seelen Informatiounen iwwert de Schluss vun der Strof u Lëtzebuerg liwweren.

- Persounen, déi am Ausland verurteelt gi sinn an hir Strof aktuell an engem Prisong zu Lëtzebuerg ofsëtzen

Zanter 2016 konnte 6 Persounen, déi lëtzebuergesch Residenten sinn an an engem Memberstaat vun der Europäescher Unioun verurteelt goufen an och an deem Land d'Exekutioun vun hirer Prisongsstrof ugefaangen hunn, de Rescht vun hirer Prisongsstrof zu Lëtzebuerg ofsëtzen. All dës Persounen sëtzen aktuell nach ëmmer hier Strof an engem Prisong zu Lëtzebuerg of.



Dës 6 lëtzebuergesch Residenten goufen a folgenden Länner verurteelt :

2016 : 1 (Portugal)

2017 : 0

2018 : 1 (Italien)

2019 : 2 (Éisträich /1 ; Däitschland/1)

2020 : 2 (Däitschland)

2021 (Stand 15.Mäerz 2021) : 0

3. Wéi ass déi aktuell Zesummesetzung pro Nationalitéit vun de Gefaangenen zu Lëtzebuerg? Kann d'Madamm Ministesch och dozou eng Tabell presentéieren ?

Déi aktuell Zesummesetzung pro Nationalitéit vun de Gefaangenen zu Lëtzebuerg ass déi folgend:

Stand: 24.03.2021

Stand: 24.03.2021

CPL (Centre pénitentiaire de Luxembourg)

Nationalitéit	Zuel
albanesch	3
algeresch	13
däitsch	6
amerikanesch	1
englesch	2
angolanesch	1
belsch	9
belsch	1
wäissrussesch	3
bosnesch	6
brasílianesch	3
bulgaresch	3
burundesch	1
kamerunesch	1
kapverdianesch	13
kroatesch	3
dominikanesch	1
eritreeesch	1

CPG (Centre pénitentiaire de Givenich)

Nationalitéit	Zuel
lëtzebuergesch	32
portugisesch	17
franséisch	6
kapverdianesch	5
belsch	3
algeeresch	1
italienesch	1
marokkanesch	1
rumänesch	1
serbesch	1
tuneesesch	1
Total	69



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

spuenesch	2
estnesch	1
franséisch	29
georgesch	13
griichesch	1
guinea-bissauesch	3
guineeësch	2
ungaresch	1
irakesch	6
iranesch	2
italienesch	17
ivorianesch	1
kosovaresch	3
lettesch	2
liberianesch	1
libesch	5
litauesch	8
lëtzebuergesch	122
mazedonesch	1
malesch	1
marokkanesch	10
mauretanesch	1
moldauesch	1
montenegrinesch	9
hollännesch	8
nepaleesesch	1
nigerianesch	29
nigresch	1
syresch	3
ugandesch	2
pakistanesch	1
polnesch	7
portugisesch	73
rumänesch	46
senegaleesesch	1
serbesch	9
somalesch	1
tschechesch	1



tuneesisch	10
tierkesch	2
ukrainesch	1
simbabwesch	1
Total	510

4. Wéi eng Schwieregkeeten oder Erausfuerderungen erginn sech aus dem Fakt dass d'Hallschent vun de Gefaangenen aus dem Ausland kommen?

Déi gréisste Schwieregkeeten si linguistesche Schwieregkeeten, wann e Gefaangene keng vun de gebräichlechen oder offizielle Sprooch vum Land schwätzt. An deem Fall muss op aner Gefaangenen oder Membere vum Personal zeréckgegraff gi fir ze iwwersetzen. Wann eng Iwwersetzung net mat dësen interne Mëttele kann organiséiert ginn, muss en externe vereedegten Interpret geruff ginn, deen dann och vum Budget vun der Prisongsverwaltung finanzéiert gëtt. Fir de Gefaangenen awer ze erméiglechen, eng vun den offizielle Sprooch vum Land ze léieren, bitt d'Schoul (de "Service Enseignement et Formation") vun de Prisonge verschidde Sproochecoursen un.

5. Wéi eng Schwieregkeeten oder Erausfuerderungen erginn sech aus dem Fakt dass d'Populatioun vum Prisong ganz divers ass?

Duerch déi divers Populatioun ass et eng Erausfuerderung, déi verschidde Besoine vun de Gefaangene mat enger individueller Prise en charge ofzedecken.

Den individualiséierte "traitement pénologique" vun de Gefaangenen, dee vun internen an externen Acteure realiséiert gëtt (ë.a. Service Enseignement et Formation, Service psycho-socio-éducatif, Programm Suchthëllef an Ateliere vum Prisong; Service de médecine psychiatrique Pénitentiaire vum Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique), verfollegt d'Ziel, de Gefaangenen dës diversifiéiert Prise en charge ze bidden, andeems en sech beschtméiglech un déi verschidde Besoinen adaptéiert.